LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister Eric Thill op d'parlamentaresch Ufro n°85 vum 5. Dezember 2023 vum Här Deputéierte Marc Goergen**

Wéi schonn an der parlamentarescher Ufro vum Honorabelen Deputéierte vermierkt, ass d'Feier vum Bärbelendag net eng réng Lëtzebuerger Traditioun, mee soll souguer iwwer Biergaarbechter aus Schlesien am haitege Polen op Lëtzebuerg komm sinn.

Esou ass et och net erstaunlech, datt Pole Bestriewungen opgeholl hat, fir bei der UNESCO eng Kandidatur ze stellen, fir Bärbelendag op d'Repräsentativlëscht vum immaterielle Kulturierwe vun der Mënschheet opzehuelen. Bekräftegt, duerch de Fait, datt Bärbelendag am November 2022 vum Kulturministère op de nationalen Inventar vum immaterielle Kulturierwe geholl ginn ass (eng vun de grondleeënde Bedéngunge fir kënne bei der UNESCO eng Kandidatur ze stellen), an duerch de positiven Avis vun der Lëtzebuerger UNESCO-Kommissioun am November 2022, en faveur vun der Lëtzebuerger Participatioun bei enger multinationaler Kandidatur bei der UNESCO, huet Lëtzebuerg sech dem polnesche Projet fir d'Aschreiwung vum Bärbelendag op der Repräsentativlëscht vum immaterielle Kulturierwe vun der Mënschheet ugeschloss.

Zënterhier sinn ënnert der Leedung vu Polen, Lëtzebuerg an Éisträich am gaangen, dës multinational Kandidatur fir Bärbelendag an déi entspriechend Gebräich vun de Biergleit auszeschaffen. Esou wéi d'UNESCO dat virgesäit, schafft de Kulturministère heifir ganz enk mat den Trägergemeinschaften hei am Land zesummen. De Comité Sainte Barbe vun Téiteng ass momentan am gaange bei allen Trägermeinschaften déi d'hellegt Bärbel als Schutzpatréinesch vun de Biergleit hei am Land feieren, déi verlaangten Averständnësserklärunge fir d'UNESCO-Kandidatur unzefroen. Do derniewent schafft de Kulturministère ganz enk mat Pro Sud zesummen, fir Dokumentatiounsmaterial iwwert Bärbelendag am Süde vum Land ze kréien, esouwéi och mat dem Schifermusée vun Uewermaartel fir de Norde vum Land. Parallel dozou huet de Kulturministère 2022 an 2023 och eegent audiovisuellt Dokumentatiounsmaterial iwewrt d'Feier vu Bärbelendag am Minett an zu Uewermaartel produzéiert an am Kader vun der UNESCO Kandidatur u Pole weidergeleet.

Dës gemeinsam Beméiungen solle sech am Laf vum Joer 2024 an enger gemeinsamer UNESCO Ufro fir d'Aschreiwung vum Bärbelendag op der Repräsentativlëscht vum immaterielle Kulturierwe vun der Mënschheet konkretiséieren.

Lëtzebuerg, den 16. Januar 2024.

De Kulturminister

(s.) Eric Thill